N°703
Entrée le 08.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Broschtkriibs ass eng vun deenen heefegste Kriibszorte bei Fraen an all Joer stierwen dausende Frae weltwäit un dëser Krankheet. Dowéinst ass grad d'Präventioun hei enorm wichteg an zur Präventioun gehéiert dann och d'Mammografie.

Eis gouf zougedroen, dass Persounen am Rollstull, déi net kënne stoen, gesot kruten, et wier net méiglech, eng Mammografie maachen ze loossen. Frae misste fir eng Mammografie stoe kënnen, wat fir eng Persoun am Rollstull a ville Fäll Opgrond vun hirer kierperlecher Aschränkung guer net méiglech ass. An der Broschür zum Programm vun der Mammografie vun der Santé steet ze liesen: "Bei Mobilitätsproblemen kann die Mammographie auch im Sitzen durchgeführt werden."

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass eng Persoun net muss fir eng Mammografie kënne stoen an datt se och am Sëtze ka gemaach ginn?
2. Sinn dem Ministère Fäll bekannt, wou Persoune mat engem Handicap falsch Informatiounen zur Mammografie am Sëtze kruten a wat gedenkt d'Ministesch ze ënnerhuelen, fir dass esou Virfäll an Zukunft net méi virkommen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°703
Entrée le 07.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 703 vum 8. Mee 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Sven Clement an Här Ben Polidori**

*1. Kann d'Ministesch bestätegen, dass eng Persoun net muss fir eng Mammografie kënne stoen an datt se och am Sëtze ka gemaach ginn?*

Eng Mammographie muss net zwéngend am Stoe gemaach ginn. Et ass och méiglech des Ënnersichung am Sëtzen duerchzeféieren, also och am Rollstull. All d'Apparater déi zu Lëtzebuerg installéiert sinn erlaben dëst. Et ass och esou an de Brochure beschriwwen, déi souwuel um Site www.sante.lu wéi och bei den Dokteren disponibel sinn.

Den ATM-Radiologie an de Radiolog assistéieren de Patient fir eng beschtméiglech Qualitéit vum Examen ze erreechen.

*2. Sinn dem Ministère Fäll bekannt, wou Persoune mat engem Handicap falsch Informatiounen zur Mammografie am Sëtze kruten a wat gedenkt d'Ministesch ze ënnerhuelen, fir dass esou Virfäll an Zukunft net méi virkommen?*

Am Kader vum organiséierten Depistage gëtt d'Qualitéit vun de Mammographien och vun den Expert-Radiologe vum "Koordinatiounszentrum fir Kriibsdepistage" vun der Gesondheetsdirektioun evaluéiert. Am Fall vun engem Exame mat onausräichender Qualitéit, dat heescht z.B, wann d'ganz Broscht net op de Biller siichtbar ass, gëtt e personaliséierte Bréif un den Dokter vum Patient geschéckt, fir op d'Wichtegkeet vum klineschen Examen oder souguer aner komplementar Examen, wéi en Ultraschall, hinzeweisen.

Dem Koordinatiounszentrum ass kee Fall bekannt, wou e Patient mat ageschränkter Mobilitéit falsch Informatioune krut, a kann all praktesch Froe vum Public (Dokteren, Patienten, Gesondheetspersonal, asw.) per Telefon, E-Mail oder Bréif beäntweren.

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherhet

(s.) Martine Deprez